

Stellungnahm zum Budget 08.12.2024 vum Nadine Schares

Merci fir d'Wuert.

Et ass en voluminéist awer ganz intressant Dokument vun 196 Säiten. E grouse Merci all deenen dōi drun geschafft hunn fir dat dßGemeng eng Basis huet fir domat ze schaffen. Et ass dat Dokument wat eng Gemeng brauch fir kënnen ze fonctionnéieren. De Budget muss natiirlech vum Gemengerot mat enger Majorité ugeholl ginn. Wann een mat enger absoluter Majoritéit am Gemengerot vertraueden ass, brauch een sech doriwwer och net vill Gedanken ze maachen resp. et muss een sech net mat enger aaner Partei eenz ginn.

Op dat lo gesond ass fir e Budget opzestellen sierf dohin gestallt.

Emsou méi wichteg ass de rôle vun der Oppositoun fir deen Budget ënnert d'Lupe ze huelen, an dat hunn mir och gemaach. Mir wärten puer Punkten méi kritesch hannerfroen, wieren bei puer Punkten frou fir puer Erklärungen oder probéieren eis Positioun wéi mir als CSV derzou stinn duerzeleen.

De Budget gët ënnert der Verantwortung vum Schäfferot opgestallt, eis Bedenken sinn op keen Fall eng Kritik un eisem Gemegepersonal.

Vill Punkten sinn genannt ginn déi sech vill quasi als Bilan op déi lāscht Joren bezéien. Mir probéieren eis awer op d'Zukunft ze orientéieren an kuken wat d'Zuelen 2024 bréngen.

Ech selwer ginn lo net op all Punkt an, mir hunn eis dat zu 3 opgedeelt.

Transparenz :

Eng Saach déi eis als CSV ganz wichteg ass, ass d'Transparenz.

D'Leit dobaussen sollen richtig informéiert sinn wat an hierer Gemeng leeft a geschitt.

Duerfir sëtzen mir eis stark an fir dass d'Gemengerotssitzungen sou schnell wéi méiglech am **Livestream** an och duerno nach kënnen gekuckt resp. gelauschtert ginn.

Mir haten eng gemeinsam Projetssitzung fir ze kuken wéi een dat kéint ëmsetzen. Lo gët awer mol eng Impaktetude gemaach. Etude heescht awer mengen ech leider och: lo dauert et mol.

Och hunn ech am Budget keen konkreten Punkt fonnt fir eng Etude resp. fir aaner technesch Onkäschten déi do wärten ufaalen. Iergendwéi spieren ech eng gewëssen Skepsis op deem Punkt, et kann een deen Moment net méi Alles selwer kontrolléieren. An ärem Walprogramm hunn ech deen Punkt vum Livestream och net fonnt, wou dir eis awer gesot hutt dass dat lech och wichteg wier, dir hätt dat jo och am Walprogramm stoen.

Eng 2. Saach déi zur Transparenz bäidréit sinn **d'Rapporten**:

D'Rapporten déi am Gemeindebulletin veröffentlecht ginn ginn net all Diskussiounen sou telquel zrëck,, sou dass mir als Oppositoun an der lāscht den Androck hunn dass ëmmer méi vun eisen Interventiounen net am Rapport stinn.

Sou wéi d'Rapporten op der Homepage veröffentlëcht ginn wieren mir frou och an Zukunft den Budget sou ze gesinn. An fir dass och jidfereen sech kann eppes drënner virstellen kann een vill Zuelen a Form vun Graphik duerstellen. Virunallem Zuelen wat den Alldag betrëfft, dat sinn enorm Zommen wat ville Bierger bestëmmt net bewosst ass:

Zu Buch schloen:

- Eng Ooffallgestioun mat: 476.000
- D'Schmoltzwasser mat: 247.000
- Den entretien vun de Strossen : 1.9 milliounen
- an vun de places publiques 1.2 milliounen.
- D'Schoul kascht d'Gemeng 3.3 milliounen,
- d'SEA 1.3 milliounen,
- e Jugendhaus 340.000
- an den 3. Alter 360.000.

Dat einfach lo mol puer d'Zuelen rausgegraff aus dem ordinären Haushalt deen fir 2024 am ganzen Dépenses vun 55 Milliounen virgesäit. Do kommen dann nach ronn 30 milliounen aus dem extraordinären Haushalt derbäi. Op deen Beräich wärt ech méi spéit nach agoen.

Transparent soll och de **Budget fir d'Commissions consultatives** sinn.

D'Commissiounen hunn jo och e gewëssen Budget fir hier Aktivitéiten an Fester. Dëse Montant soll de Memberen vun der Commissioun och bekannt sinn dass een eng Iddi a Virstellung huet wat an engem Joer kann réaliséiert ginn.

An et soll een vernünfteg mat deem Budget ëmgoen. Wann bei engem Budget vun 60.000 deen virgesinn wor fir e Fest vun enger Commissioun op emol nach 55.000 mussen nogestëmmt ginn, dann ass dat net OK.

Wann e Verain eppes organiséiert setzt en sech e gewëssen Budget. Hei huet een den Androck dass iwwerall akaaf an organiséiert get: koste es was es koste. Haaptsaach mir hunn eppes ze bidden an et Alles gratis.

Op Demande vun der CSV hinn ass **d'Unzuel un Memberen an de Commissions consultatives** vun 9 op 13 an d'Luucht gesaat ginn. Dat ass och eng Form vun Biergerbedeelegung fir méi Leit d'Méiglechkeet ze ginn an diversen Beräicher vun der Gemeng kënnen matzewierken.

Dir haat Bedenken dass dat dann och méi Ausgaben ginn fir d'Jetons ze begläichen.

Am Budget hunn ech awer keng Hausse festgestallt.

2022: sinn 75.800 gebraucht ginn

Am rectifié vun 2023: just 69.600. Woren do vill manner Sätzungen?

An fir 2024: sinn der 74.600 agerechent obwuel an all Kommissioun 4 Leit méi derbäi sinn, an et sinn net manner Kommissiounen.

Personal:

E wichtegen Bäitrag dass eng Gemeng fonctionnéiert ass natiirlech d'**Personal**, vun de Gemengenarbechter, den Portier bis hin zum administrativen a SEA Personal.

D'läscht Joer haat ech mir déi Zuelen bëssen méi genau ugekuckt an laut dem Budget fir 2023 wor keng Augmentatioun u Personal ugeduecht. Gottseidank wor deem awer net sou an et ass zousätzlecht Personal agestellt ginn.

Laut dem relevé vun dësem Joër sinn mir op den 31.12.2023 bei 131 Persounen wat engem ETP vun 123 entsprécht. Op den 31.12.2024 ass ugeduecht op 142 Persounen (ETP vun 134).

Dat begréissen mir als CSV ganz däitlech. Eis Gemeng ass permanent um wuessen wat méi Arbecht an all Beräich bedeit. En Opbau vun engem service Logement brauch Personal an mat engem Betreuungsschlüssel an der SEA deen soll ropgoen, muss jo och do lues a lues opgestockt ginn.

Eppes verstinn ech awer guer net:

Laut dem relevé vun dësem Joer hätten op den 31.12.2022 114 Persounen (108,28 ETP) fir d'Gemeng geschafft. Den relevé deen mir d'läscht Joer (November 2023) kritt hunn do waren ganz anner Zuelen op den 31.12.2022 opgeschriwen, an zwar 125 Persounen (114,16 ETP). Wat sinn dann do déi richteg Zuelen? Dat ass ëmmerhin en Ënnerscheed vun 11 Persounen. Déi hunn jo wuel net all am Dezember 2022 gekënnegt.

De Subside fir travailleurs handicapés ass all Joer plusminus d'selwecht. Dat ass e Punkt deen een och kann berücksichtigen wann neit Personal agestellt gët.

D'Masse salariale vun 2022 louch bei 14,84%. Déi fir 2023 wor op 17,56% ugeduecht, läit jo awer mat méi Personalastellung bestëmmt méi héich. Bei engem Betrieb an der Privatwirtschaft soll se ëm déi 30% leien. Do ass Sputt no uewen, mee ech sinn frou dass se rëm ropgeet, nodeems se vill Joren roofgaang ass.

Wat am läschten Joer och opgefall ass dass niewt Neistellungen och vill Kënnegungen waren, an der Administratioun wéi och an der SEA.

De Budget gesäit eng Somme vun 130.000 vir fir eng **Consulting Firma matbäizehulen fir SEA**. Firwat gët déi Firma mat bäigeholl? Ass dat eng Reaktioun op déi bestehend Problemer? Eis SEA ass iwwer déi läscht Joren enorm gewuess. Dat sinn enger säits d'Kanner an dat heescht automatesch och méi Personal dat et ze géréieren an ze managen heescht. Déi Zuel wärt och nach weider klammen. An wann een gudd opgestallt wëll sinn fir d'Zukunft mat enger starker SEA dann kann dat net schueden. Mir begréissen et op alle Fall der Direktioun vun der SEA eng Consulting Firma zur Säit ze stellen.

Mee net nëmmen an der SEA ass vill va et vient vum Personal, och beim Recht vum **Gemegepersonal**. Fir den Iwwerbléck ze behalen wien fir wat zoustänneg ass an fir sech gudd fir d'Zukunft opstellen kéint een hei och vlaicht op Professioneller zrëckgräifen.? D'läscht Joer haat ech gefrot fir en **Organigramme** ze kréien fir ze gesinn wéi d'Gemeng opgestallt ass an wat wien säin Aufgabenberäich ass. Och fir eis Bierger wier et interessant ze wëssen wien fir d'Gemeng schafft an wéi eng Gesichter sech hannert wéi engen Nimm verstoppen.

Och wat d'**Kommunikatioun** betrëfft kéint een eng Evaluatioun vun der kommunaler Informatiounspolitik maachen an eng Verbesserung vun den benotzen Informatiounskanäl. D'Gemeng muss derfir suergen dass all Bierger all Informatiounen kritt an enger Sprooch déi him verständlech ass, wou ech kloer och wëll op d'leichte Sprache hiweisen. All Beräich huet seng Kommunikatiounen déi mussen raus, mee iergendwéi fehlt do e Gesamtkonzept. An engems kéint een sech dann nach emol Gedanken iwwert d'Format vum bulletin communal maachen.

Soziales :

En Thema wat eis als CSV wichteg ass, ass deen sozialen Facteur. Präissdeirecht, Altersarmut, Kannerarmut,... vill Begrëffer déi ëmmer méi an de Medien optauchen.

Mir hunn an de lëschten Zuelen vum **OSCM** (Office socail communal Mamer) gesinn dass d'Demanden stark ropgaang sinn.

Vun 324 finanziell Demanden am Joer 2012 sinn et 2246 Demandes am Joer 2023.

Wann eng liicht Konstant bei der Unzuel un Ménagen ass iwwer déi lëscht 5 Joer déi eng Demande gemaach huet gesait een eng staark Hausse vun 2021 mat 453 Ménagen op 2022 mat 709 Ménagen.

4,2% vun de Bartrenger Ménagen sinn betraff. Eng aaner Gemeng vun den 7

Membergemengen läit nach iwwer 4%. All déi aaner Gemengen leien ënner 4%, deels souguer 3% oder 2%.

Dës Zuelen einfach mol fir déi Leit net ze vergiessen.

Eng wieder Problematik ass déi vun de **Flüchtlingen**, wéi schwéier et ass genuch Logementer ze fannen wou se kënnen ënnerkommen. Hei am Land ginn et 7.703 Better fir Refugiéen, dat an 68 Strukturen an 33 Gemengen. Enn Oktober huet den deemolegen Aussenminister en Appel un d'Gemengen geriicht op nationalem Niveau solidaresch ze sinn an ze hëllefen Familljen opzehuelen.

DP huet an hierem Walprogramm stoen: seit Jahren hilft die Gemeinde beim Aufnehmen und Unterbringen von Asylsuchenden und Flüchtlingen.

Wéivill Hëllef konnt hei schon gelescht ginn? Wéi ass d'Situatioun hei zu Bartreng?

Wéivill Flüchtlingen huet d'Gemeng Bartreng momentan logéiert?

Wéivill sozial Wunnengen/Logementer huet d'Gemeng Bartreng? Wéivill Persounen kënnen hei ënnerbruecht ginn?

An dësem Beräich muss d'Gemeng méi aktiv ginn. Zousätzlech dozou kann een nach emol iwer eng Informatiounskampagne bei der Bevölkerung Reklamm maachen fir Flüchtlingen an aktuell eidelstoenden Wunnengen ënnerzebringen? Dat gët jo ënnerstëtzt mat der location sociale.

Kann een net och konkret déi Leit uschreiwen wou gewosst ass dass Wunnengen eidel stinn? Deen geplangten service Logement wäert net vunn Muttwëll sinn.

Dann wéilt ech lo op puer Projet aus dem **extraordinären Budget** agoen:

Am extraordinären Budget do stinn puer Punkten dran déi Froen opwerfen:

1. Steht eng **transformatioun vum Accueil vun der Gemeng** fir 500.000 am Budget. (p.138)

An mengen Aan gesäit dat dach Alles gudd aus, ausserdem ass dat jo lo nach net sou laang hier dass d'Gemeng färdeg gestallt gouf. Mee vläicht ass jo eng Demande do firwat sollen Ännerungen gemaach ginn: sinn net genuch Bureau um Stack, sinn vläicht Saachen déi net sou praktesch sinn. Dir kënnt eis jo do d'Grënn nennen.

2. **Transformatioun vum Festsall vum Centre Atert** fir quasi 1 Millioun. (p

Déi Transformations u sech sinn jo am Fong laang oofgeschloss. De ganzen Projet kascht 2.5 Milliounen. All d'Devis sinn vun de Joren 2019 an 2020. Den 07.02.2022 kënnt dunn en Devis vun 1 mio fir mise en conformité. Firwat ginn sou Saachen net vun Ufank un mat berücksichtegt an an den gesamt Devis opgeholl, mee vlaicht wor et jo einfach vergiess ginn. Wat sinn dat fir mesures de conformité dass een duerfier 1 milio muss ausginn. Wat muss konkret do gemaach ginn. Firwat ass et net direkt uschléissend un d'Arbechten gemaach ginn. Den Devis ass vun Februar 2022, lo sinn mir gleich 2 Joer méi spéit? Méi bëlle ginn d'Arbechten sécher net.

3. Steht ëmmer nach **de Beachterrain op Helfent** drop mat 80.000. (ass net bezuelt, zrëckbehalen)

Et ass gewosst dass do de falsche Sand geliwwert gouf. Déi ganz Saach ass um Geriicht. An wann dat sech nach eng etlech Joren zitt dann muss ëmmer nach op deem Sand gespillt ginn deen wéi deet an engem d'Haut opschrubbt. Et ass schued, well et e flotte Projet hätt kënnen ginn. All d'Experten sinn duerch. Kann een do net op de Wee vun der Virleeschung goen, dass d'Gemeng dat lo op hier Käschten bezillt an demno wien herno beim Geriicht Recht kritt muss fir d'Rechnung opkommen?

4. **Divers Etuden**

Wou sinn mir drun an den verschiddenen Etudes déi am laafen sinn zu der Kamerainspectioun vum Kanaliséesystem an d'analyse de risque de crues subites, de sechere Schoulwee oder de Fussgängerleitsystem? Leien do schon éischt Resultater fir? Mir wieren frou wann dat bis oofgeschloss ass dass mir do en transparenten Abléck an déi genau Resultater kéinten kréien.

Dann steht nach eng wieder Etude un en projet pilote avertissement crues. Soll dat niewt dem nationalen gouvalert eppes op lokalem Niveau ginn? (p.157)

5. Géif ech gären op d'Suergekand **Veloswээр** agoen :

Wat ass den aktuellen Standpunkt vun de Velosweer Richtung Dippech an Richtung Leudelange-Gare. Wou sinn mir drun? Wéini kann een domat rechnen. Déi 615.000 sinn déi just fir Infrastrukturen oder acquisition de terrain déi eventueull néideg sinn. Losse mir hoffen dass et ënnert der neier Regierung do bëssen virun geet.

Wat heescht deen Punkt vun der piste cyclable Parking Atert?

Unterführung an Passerelle sinn 2 Punkten déi mir absolut ënnerstëtzen. 2017 schon hat d'CSV am Walprogramm stoen fir evtl op de Wee vun enger Unterführung ze goen.

Dann wéinst der Ubannung Richtung City Concorde. Et schéngt eng schwiereg Situatioun ze sinn wéinst Terrain déi d'Gemeng net huet.

Am Budget d'läscht Joer also fir 2023 wor nach am Explicatiounstext folgendes dran:

En devis vum 27.10.2016 vum Bureau Schroeder fir en projet d'exécution de l'aménagement d'un chemin piétonnier N5 – raccord City Concorde fir en Total vun 545.000.

An en contrat d'ingénieur vum 17.04.2014 vum bureau Schroeder pour la mission d'ingénieur civil dans le cadre des travaux d'aménagement d'un chemin piétonnier N5 – raccord Concorde fir 56.000.

Dat heescht dunn loung en Devis vir, wahrscheinlech jo och Etuden. Geschitt ass awer bis lo naischt.

Lo bal 10 Joer duerno hunn mir en contrat d'ingénieur vum 04.08.2023 vum Bureau Schroeder pour réaliser une étude de faisabilité pour la réalisation d'un chemin piétonnier le long de la N5.

Ass dann net virun 10 Joer schon eng Etude gemaach ginn? Wéivill Suen sinn do ausginn ginn? Wat huet dat bruecht? Wat wor do rauskomm? Wat ass lo un der Situatioun aanescht?

A wann mir beim Velo sinn wollt ech emol nofroen wéi d'Wäschanlag fir Velo beim Fussballsterrain fonctionnéiert. Gët déi vill a Betrieb geholl? Kann een dat novollzéien mam Jetonssystem?

D'läscht Joër haat ech ugemierkt dass et op puer Platzen u Velostänner, virunallem bei deenen Gebeier wou vill Kanner an an aus ginn fehlt. Do ass bis lo nach naischt geschitt. Och d'Méiglechkeet fir se ze iwwerdecken wier flott. Ech ginn dervun aus dass et dann fir dëst Joer ass, et sinn mol 5000 virgesinn.

6. Hunn ech puer Iwwerleeungen zum Konzept vum **Réaméagement vun de Spillplatzen**. Déi 115.000 déi virgesinn sinn huelen ech un dass dat just fir d'Etude/Konzept vun der Firma Papaya ass. De Site vun der Hierenger Millen wou si sech drëm gekëmmert hunn ass wuel e flotte Site ginn.

Hei zu Bartreng geet et an mengen Aan virunallem drëm all eis Spillplatzen emol op de Leescht ze huelen, ze kuken an wéi fern se nach vun wéi enger Populatioun/Altersgrupp benotzt ginn. Déi meescht Spillplatzen hei zu Bartreng sinn op de jonken Alter ausgeriicht. Ech fannen et och wichteg bei sou Prozeduren net nëmmen op den Avis vun enger Firma ze lauschteren. Frot bei de Kanner selwer no, virunallem och bei deem Alter deen een net méi vill op enger Spillplatz gesäit. Wat géif si rëm unzéien? Vlaicht Trampolin, méi spannend Turn a Klotergeräte vun enger Art Hochseilgarten oder Kloter/Boulderwand. Ech hunn do an aaner Gemengen oder am Ausland ganz flott Saachen gesinn. Virunallem geet et net drëm dass et herno just flott a prestigiéis ausgesäit, et muss fonctionnell a spannend fir d'Kanner sinn.

7. De **Réaméagement vun de Schoulhäff**

Dat soll a mengen Aan Hand an Hand mat de Spillplatzen goen

Ech huelen un déi 120.000 sinn lo mol fir Etude a Konzept auszeschaffen.

Well soss kënnt een awer net wait fir déi 4 Schoulhäff à jour ze setzen mat spannendem an adaptéiertem Spillgeschier an enger uerdentlecher Beschattung. A mengen Aan wier et interessant gewiercht **eng** Firma fir Schoulhäff a Spillplatzen ze huelen. Idealerweise ergänzen sech déi 2 Saachen nümlech.

8. Méi **Gréngflächen am Shared Space**.

Dat ass eppes wou mir als CSV och am Walprogramm drop agaangen woren.

Et ass wichteg dass do eppes geschitt, dat kann duerch méi Gréngs vill méi flott ginn, guer net ze schwätzen vun all deenen positiven Effekter déi méi Bepflanzung wärten hunn.

Et ginn awer nach méi där Platzen wéi nëmmen de shared space wou do Nachholbedarf besteht: d'Platz bei den Hénger ass zimlech zoubetonéiert, verschidden Platzen an de Quartier, d'Platzen virun de Schoulen virunallem virum Beiestack.

Wichteg: méi Gréngs, méi Schied, méi Bänken.

9. Wéilt ech op **3 Projets** ze schwätzen kommen déi nach net oofgeschloss sinn, awer am Budget 2024 mat 0 Euro do stinn

Dat ass vlaicht eng normal Prozedur, Budgettechnesch vlaicht kann emol een mir dat erklären.

Dat wier éischtes de Quartier **Bureck mam Duerfhaus** (p.138)

E Projet vun iwwer 9 Milliounen. Am Mee kuerz virun de Wahlen wor eng festlech Ouverture. Bis haut ass et nach net bezugsfärdig a keen Verain konnt sech installéieren. Et sollt dëst Joër färdig ginn. Wourunner läit et? D'Arbechten sinn nach net all oofgeschloss, d'Rechnungen bestëmmt nach net all bezuelt, an awer steht fir 2024 keen Budget méi dran fir deem Projet.

Dat zweet wier den B13:

Och beim **B13** ass e Montant fir 2023 verbucht vun 315.000 an fir 2024 naischt méi.

Souwäit ech gesinn hunn d'Arbechten bis lo nach net ugefaang, do ass nach naischt geschitt an dobäi gët et héich Zäit dass dat sténkegt Poubelsslokal vum Parking verschwënnt. Dass dat ganz eng Fehlplanung wor dass muss eng Killremorque niewendrun stoen an d'Poubellen déi aaner Säit vun der Strooss do ginn ech lo net wieder drop an.

Drëttens wieren do nach déi nei **Gemengenatelier** (p.140)

Um Site an der Dippecher Stross ass eng nei Lagerhaal entstan déi mengens Wëssen no färdig ass.

Tëscht Klammeren: ass hei nach net Alles vun der Gemeng do stockéiert, vue dat nach ëmmer e Budget dransteht fir um Gréiwelshaff Saachen ze lagere.

Do kënn de Solarpark hinn an nei Gemengenatelier sollten dohin kommen fir se aus dem Duerfzentrum rauszehuelen. Am Budget steht e Gesamtmontant vun 4,3 Milliounen. Ass dat op Atelier an Stockage Haal bezunn? Dat ass net sou kloer. Allerdéngs och hei 0 Euro fir 2024. Do froen mir eis op keng nei Gemengenatelier gebaut ginn, oder op deem Projet sech gehalen gët fir déi nächst Legislaturperiod. Wat ass d'Wäitsicht vun deem Projet?

Duerch eng Dezentralisatioun vun de Gemengenatelier géif eng gréisser Platz am

Duerfzentrum fräi ginn. Mir haten eng Rei konkret Projet an eise Walprogramm déi mir op deem Site flott géifen gesinn. An déi eng oder aaner Wunneng géif do och Platz fannen.

Am DP Walprogramm wor ze liesen dass d'Atelier sollen ausgelagert ginn an dann öffentlech Infrastrukturen, Wunnengen, Parkplatzen a Geschäfte do entsto.